LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Direction de la santé

LU


MPOX

# Wichteg Informatiounen no der Impfung

**Dir hutt haut eng Impfung géint Mpox kritt. Heimat wëlle mir Iech ob e puer wichteg Punkten, déi am Zesummenhang mat der Impfung stinn, opmierksam maachen.**

## Impfschema

Fir eng Primovaccinatioun sinn zwou Impfdosissen an engem Ofstand vun 28 Deeg néideg. Bei immunogeschwächte Persounen, ass eng drëtt Impfung néideg. Den Ofstand vun 28 Deeg tëschent den 2 Impfdosissen ass wichteg fir eng héich Wierksamkeet vum Impfstoff ze garantéieren. Zu Lëtzebuerg wéi och am Rescht vun der Europäescher Unioun ginn d'Impfstoffer IMVANEX® an JYNNEOS® vun der Firma Bavarian Nordic benotzt. De Bäipackziedel vum Impfstoff fannt Dir op **www.sante.lu/mpox**






## Wat muss ech no der Impfung maachen?

Déi heefegst onerwënscht Nieweewierkunge si Reaktiounen op der Plaz vun der Injektioun. Déi meescht Reaktioune sinn liicht bis moderat a verschwanne bannent 7 Deeg ouni Behandlung. Persounen déi sech no engem Kontakt mat enger mat Mpox infizéierter Persoun impfe loossen, solle sech nach bis zu 21 Deeg no der Impfung iwwerwaachen an d'Geste-barrière weiderhi respektéieren, well d'Krankheetssymptomer nach an dësem Zäitraum optriede kënnen.

## Wat muss ech bei onerwënschten Nieweewierkunge maachen?

**Staark Nieweewierkungen:** kontaktéiert direkt een Dokter oder huelt direkt Rendez-vous an der Urgence vun enger Klinick wann Dir een oder méi vun de follgende Symptomer hutt:



Otemproblemer

Schwindelattacken

Schwellung vum Gesiicht an um Niveau vum Hals

Dës Symptomer kéinten op eng staark allergesch Reaktioun hindeiten.

Wann Dir eng oder méi onerwënscht Nieweewierkungen hutt, schwätzt mat Ärem Dokter/Ärer Doktesch oder frot an Ärer Apdikt no. Dëst betrëfft all onerwënschten Nieweewierkungen, vun deenen Dir denkt, datt se mat der Impfung zesummenhänken. Dir kënnt se och direkt iwwer den nationale Meldesystem mellen: **www.guichet.lu/pharmacovigilance**.

Wann Dir nach weider Froen iwwert d'Impfung hutt, kënnt Dir Iech un Ären Hausdokter oder Apdikter wenden.

Am engem Noutfall, **ruffft den 112.**

Méi Informatiounen fann Dir op: **www.sante.lu/mpox**